Ce petit livret vous est offert par

ARELERLAND A SPROOCH

à l'occasion du

10e anniversaire de

sa fondation.

* * *   * * *

# 1976 - 1986

# 10 JOR

**ARELERLAND A SPROOCH**

A. S. B. L.

Association ... défense de la culture
et de la langue luxembourgeoise

## KULTURVERÄIN

AFFEN - 5. ABRËLL - FOUCHES

Dës lëtzebuerger Lidder

sin am ARELERLAND gutt bekannt

a vum

SETZBAACHERCHOER

fir

" 10 JOR ARELERLAND A SPROOCH "

gesongen.

.........

AFFEN den 5.Abrëll 1986 .

. . . . . . . . . . . . . . . . .

Dëst Bichelchen as gemeet fir datt
Der all kënnt matsangen.

Sangt all Refrain mat an heller Stëmm !

. . . . .

Dëst Bichelchen kënnt Der och halen wann Der
wëllt ...
a wann nit da git alt engem aner et...
oder git et erëm zréck un de
SETZBAACHERCHOER.

Villmols Merci.



DE PARADAIS .
(Tyroler Serenade fir d'Arelerland)

Refrain: Ech denken éiweg
un di Dällt
un di Dällt
denken ech éiweg
wou d'Setzbaach
Nuecht an Dag
Nuecht an Dag
aus hirer Oder quellt.

. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . .

ET WAR E MEEDCHE VU GËTZEN
( Text a Musik vum Dicks)

Refrain: O-ho ,O-ho,
O-ho , O-ho ,

Et war e Meedchen zu Gëtzen,o-ho!
't hat Ae wéi feiereg Blëtzen,o-ho!
't wollt all Männer gefalen,
fir mat sénge Freier ze bralen.

## D'PIERLE VUM DA .

(Wiirder a Weis vum Dicks )

D'Pierle vum Da, dat sin déng Diamanten,
d'Blummen um Feld, déi sin däin Hochzäitskleed
an d'Nuechtegailercher, dat sin déng Musikanten
an däint treit Häerz as méng Glécksséiligkeet.
an däint treit Häerz as méng Glécksséiligkeet.

Dat wat ech hun, dat wëll ech mat der deelen
du weess main Häerz as zenter laang schon deint
op arem oder räich, wat soll mer dann nach felen
wann's du mer sees, fir éiwig bas du mäint
wann's du mer sees, fir éiwig bas du mäint.

. . . . . . . . . . . . . . . . .

## UN DER ATERT

( Vollékslidd)

Refrain: O méng Modi,
Wat e Stodi,
voller Zodi Josefin,
ech gesin dech
nach e wéinig
an da gin ech Josefin.



## ONZE WENGCHEN.

(Musek vum J.EIFFES- Text vum W.GOERGEN)

Refrain :

Kättche, Kättche, bréng mir e Pättche
vun der Musel a soss keen!
Ei wéi schmaacht mir dee Kadettche
't as en Dronk fir Broscht a Been.

Kättche, Kättche, bréng mir e Pättche
vun der Musel a soss keen
Ei, wéi schmaacht mir dee Kadettche
't as en Dronk fir Broscht a Been.

. . . . . . . . . . . . . . . . .

## 2. DEEL

## ZU AREL OP DER KNIPPCHEN.

(aalt Arelerlidd)

Refrain: Mumm Aneleis, Mumm Aneleis,
Wat maachen dann är Gänz?
Si sudelen,
Si pudelen
Si wäsche sich hir Schwänz.

ENG HELLECHT UM DUERF.

oder DEN AFFENER WEIER.

(aalt Vollékslidd 1837-Mus.vum Lents)

Refrain O,dat wir eng aner Gei!
O,dat wir eng aner Gei!
O,dat wir eng aner Gei!
O,dat wir eng aner Gei!

zum Leschten:
O,dat as eng aner Gei!
O,dat as eng aner Gei!
O,dat as eng aner Gei!
Déi Gei as founkel nei !

. . . . . . . . . . . . . . . . .

D' FRÄSCHELIDD.
(Vollékslidd)

Refrain:

Lëschteg as et ze gesin

Wann d'Fräschen an d'Waasser gin.

Déi Fräschen,déi Fräschen,

Dat as eng droleg Aart,

Si brauchen séch nit ze raséieren,

Wëll d'Fräschen hu kee Baart.



BEI UEDEMS JHÄNN
(Vollékslidd)

Refrain:
Wie gutt jhicke kann
Dee geet bei Uedems Jhänn eran
Wie gutt jhicke kann
Dee geet bei d' Jhänn eran

oder: Wer wohl leben will
der geht zu Uedems Jenn dahin.
Wer wohl leben will
Der geht zum Jenn dahin.

. . . . . . . . . . . . . . . . .

't AS KIIRMES .

( M. REULAND - L.SCHROEDER)

Refrain: 't As Kiirmes am Duerf,
an de Spillmann as do,
déi Jong déi danzen
déi Al kucke no.